

LEARN

LEARNING EXPERTISE AND RESEARCH NETWORK

NEWSLETTER
14/2026

NEI TESTBATTERIË FIR DE MULTILINGUALE KONTEXT ZU LËTZEBUERG

D'STÈMM AUS DER PRAXIS

Qualitativ Informatiounen an der Diagnostik:
Méi wéi nëmmen Zuelen a Tester

WARUM ERHALTEN
MÄDCHEN BESSERE
SCHULNOTEN ALS
JUNGEN?

MÉMORISER
L'ORDRE: UNE
AFFAIRE D'ESPACE?

WELCHE SPRACHEN
HÖREN UND
SPRECHEN
ERSTKLÄSSER?

Iwwersiicht

Iwwersiicht a LEARN-Ekipp	2
Nei Mataarbechter	3
D'Raumsprouch als wichtige Faktor fir d'Entwécklung vu verbalen a net-verbalen Zuelekompetenzen am éischte Schouljoer	4
Neugierig auf Schulmonitoring? Willkommen beim ÉpStan Dashboard!	6
Nei Testbatterie fir de multilinguale Kontext zu Lëtzebuerg	8
Lëtzsprooch: Eng nei standardiséiert Testbatterie fir Sproochentwécklungsstéierungen ze identifizéieren.	10
Welche Sprachen hören und sprechen Erstklässer?	12
Qualitativ Informatiounen an der Diagnostik: Méi wéi nëmmen Zuelen a Tester	14
Raimlech Fäegkeeten an der Spillschoul hunn en direkte positiven Afloss op Additiounen a Subtraktiounen am éischte Schouljoer	16
Schoulescht "Selbstkonzept" an Interessi bei Schüler a Schülerinnen am Cycle 2 a reguläre Schouלקlassen an am Pilot Projet "ALPHA-zesumme wuessen"	18
Warum erhalten Mädchen bessere Schulnoten als Jungen?	20
Écoles publiques européennes : l'offre linguistique flexible porte ses premiers fruits	21
Mémoriser l'ordre: une affaire d'espace ?	22



Dr. Carrie Georges

Fuerscherin am DBCS. D'Carrie erfuerscht d'Veaarbechtung vun den Zuele bei Kanner an Erwuessenen. Si interesséiert sech virun allem fir d'Fro wéi Zuele mam Raum zesummenhänken a wéi dëst Zesummespill d'Rechekompetenze beaflosst.

carrie.georges@uni.lu



Dr. Caroline Hornung

Kognitiv Entwécklungspsychologin, Léierin a Fuerscherin beim LUCET. D'Caroline erfuerscht d'Entwécklung vum Rechnen, Liesen a Schreiwe bei jonke Kanner an d'Facteuren, déi dës Léierprozesser beaflosse kënnen (z. B. Virleefertegkeeten, Sproochenhannergrond).

caroline.hornung@ext.uni.lu



Dr. Philipp Sonnleitner

Fuerscher beim LUCET. De Philipp erfuerscht a senger Aarbecht, wéi ee psychologesch Tester a Froebéi méi informativ a virun allem méi fair gestalte kann. Zousätzlech ënnersicht hien, wéi een dës Erkenntnisser am Schoulalldag uwenne kann.

philipp.sonnleitner@uni.lu



Prof. Dr. Christine Schiltz

Professesch am DBCS. D'Christine erfuerscht an enseignéiert, wéi d'mënschlech Kognitioun sech entwéckelt. Si interesséiert sech besonnesch fir d'Fro, wéi d'Zulebegrëffer bei Kanner an Erwuessener entstinn a wéi d'Gehir dës Prozesser steiert.

christine.schiltz@uni.lu



Prof. Dr. Sonja Ugen

Fuerscherin bei LUCET. D'Sonja erfuerscht d'Léiere vum Liesen a Schreiwe wéi och den Afloss vu Sprooch op d'Veaarbechte vu Mathé oder aner Fächer an engem multilinguale Kontext.

sonja.ugen@uni.lu



Dr. Véronique Cornu

D'Véronique schafft als Neuropsychologin beim « Centre pour le développement des apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa » (CDA) wou si virun allem mat der Diagnostik vu spezifesche Léierstéierungen (z.B. Dyskalkulie, Dyslexie) befaasst ass. Des Weideren interesséiert d'Véronique sech fir d'Entwécklung vum mathemateschen Denken bei jonke Kanner a fir Methoden fir dës altersgerecht ze fërderen.

Veronique.Cornu@cc-cda.lu

Nei Mataarbechter




Anissa Werdel

D'Anissa ass Linguistin a schafft zanter Januar 2025 beim LUCET ënnert der Leedung vun der Prof. Dr. Sonja Ugen. Als Doktorandin, ënnert der Supervisioun vun der Prof. Dr. Christine Schiltz aus dem Cognitive Science and Assessment Institute, fuerscht si un der Sproochentwécklung vu jonke, méisproochege Kanner an ass besonnesch un der Acquisitioun vu morphologeschen a syntaktesche Grondkonstrukter an der Lëtzebuergescher Sprooch interesséiert. Hauptbestanddeel vun hirem Doktorat ass e Fuerschungsprojet vum LUCET a Kooperatioun mam Centre de Logopédie, deen d'Entwécklung vun engem op de lëtzebuergesche multilinguale Kontext moossgeschneiderten diagnostesch Testbatterie fir Sproochentwécklungsstéierungen viraussetzt.

Kenan Starcevic

Nodeems de Kenan Starcevic säi "Bachelor en Sciences de l'éducation" (BScE) a säi "Master in Learning and Communication in Multilingual and Multicultural Contexts" um Campus Belval erfollegräich ofgeschloss huet, huet de Kenan am September 2024 säi PhD beim LUCET op der Uni Lëtzebuerg ugefaang. Säin Interessi um Enseignéieren an der Ënnerstëtzung vu Kanner mat spezifesch Besoinen, mécht d'Entwécklung vun enger Testbatterie, fir d'Diagnos vu Kanner mat spezifesch Sproochentwécklungsstéierungen am Cycle1, besonnesch motivéierend. Fir dëse Projet schafft de Kenan enk mam Centre de Logopédie zesummen. D'Entwécklung vun dëser Testbatterie fir de lëtzebuergesche méisproochege Kontext erfuerdert, dass Experten aus verschiddenen Beräicher zesumme schaffen.



D'Raumsprooch als wichtige Faktor fir d'Entwécklung vu verbalen a net-verbalen Zuelekompetenzen am éischte Schouljoer


Éischt Abléck aus fréieren Etüden:


1. Raumsprooch hëlleft Kanner an der Spillschoul besser ze zielen esou dass Kanner, déi raimlech Begrëffer wéi *lénks*, *riets*, *uewen* an *ënnen* gutt verstinn a benotzen, och besser Kompetenzen am Zielen opweisen.
2. Ënnerscheeder am Zielen tëschent Kanner mat an ouni Lëtzebuergesch Familljesprooch si gréisstendeels duerch Differenzen an hirer Raumsprooch ze erklären.

Rezent Resultater aus enger longitudinaler Etüd:

Mir hunn 135 Kanner vun der Spillschoul (Zyklus 1.2) bis an d'éischt Schouljoer (Zyklus 2.1) begleet, fir déi *ursächlech* Bedeitung vun der Raumsprooch fir d'Zuelekompetenzen besser ze verstoen.

- » D'Raumsprooch an der Spillschoul seet net nëmme verbal Zuelefäegkeeten, wéi d'Zielen, mee och net-verbal Zuelekompetenzen, wéi d'Uerdnung vun Zuelegréissten, am éischte Schouljoer viraus.
- » Dësen Effekt bleift bestoen, och wann aner wichteg Facteure wéi d'raimlech Fäegkeeten, d'phonologesch Bewosstheet, allgemeng premathematesch Kompetenzen an der Spillschoul, Familljesprooch an sozioekonomesche Status berécksichtigt ginn.





Diese Illustrationen wurden mit Hilfe von ChatGPT erstellt.



Gutt mat Zuelen? Raumsprooch zielt – net just Raumgefill

Firwat ass dat wichteg?

- D’Raumsprooch an der Spillschoul huet also e spezifeschen, laangfristige positiven Afloss souwuel op déi verbal wéi och déi net-verbal Zuelekenntnisser am éischte Schouljoer.
- Si sollt dofir gezielt a fréi – schonn an der Spillschoul – gefërdert ginn, fir dëst Potenzial optimal ze notzen.

Wéi kann een d’Raumsprooch stäerken?

Duerch Spilleresch Aktivitéiten:

- Raimlech Instruktiounen beim Spillen (z.B. „Setz däi Petzi op de lénke Stull“)
- Geschichten mat raimleche Situatiounen
- Beweegungsspiller mat Richtungsaufgaben
- Puzzle- a Konstruktionsspiller (z.B. Lego)

Kontakt
Carrie Georges

Neugierig auf Schulmonitoring? Willkommen beim ÉpStan Dashboard!

Jedes Jahr im November werden landesweit die “Épreuves Standardisées” (ÉpStan) durchgeführt. Dieses Schulmonitoring erfasst schulische Kompetenzen, Lernmotivation sowie die allgemeine Einstellung zur Schule zu Beginn jedes schulpflichtigen Lernzyklus (d.h. zu Beginn der Klassenstufen 2.1, 3.1, 4.1, 7 und 9).

Die ÉpStan bieten den nationalen Bildungsakteuren zeitnahe und politisch relevante Informationen und geben Lehrern, Eltern und SchülerInnen externes Feedback über die schulische Leistung.



Bitte auswählen

KLASSENSTUFE

Zyklus 3.1

VON

2010

BIS

2024

KOMPETENZTEST

Mathematik

RESULTATE ANGEBEN ALS

☐ Mittelwerte ☒ Kompetenzstufen

SOZIALE EINFLUSSGRÖSSE 1

Geschlecht


SOZIALE EINFLUSSGRÖSSE 2

Nicht ausgewählt


OK

Das Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) stellt seit 2019 die Ergebnisse der ÉpStan unter <https://dashboard.epstan.lu/> frei zur Verfügung. Man wählt die Klassenstufe, den Zeitraum und die Kompetenz aus und bekommt direkt die Ergebnisse wahlweise in Deutsch, Französisch oder Englisch.

Mädchen



Jungen



Die Anzahl der Schülerinnen und Schüler (n) pro Kategorie und Messzeitpunkt sollte bei der Interpretation der Ergebnisse mitberücksichtigt werden. Bei einer geringen Anzahl (kleines n) ist zu beachten, dass die Zuverlässigkeit der Messung eingeschränkt sein könnte; in diesem Falle sind die Ergebnisse mit Vorsicht zu interpretieren.

GESCHLECHT	KOMPETENZSTUFE	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	2023	2024
MÄDCHEN	UNTER NIVEAU SOCLE	29% n=604	25% n=556	31% n=749	27% n=675	36% n=850	31% n=779	29% n=765	35% n=924	34% n=928	35% n=911	38% n=1000	36% n=935	37% n=1020	34% n=962	39% n=1121
	NIVEAU SOCLE	35% n=727	35% n=773	33% n=783	35% n=856	31% n=721	33% n=834	33% n=872	30% n=775	33% n=878	30% n=786	29% n=762	30% n=792	31% n=863	32% n=896	32% n=926
	NIVEAU AVANCÉ	36% n=750	40% n=888	36% n=860	38% n=938	33% n=774	36% n=899	38% n=996	35% n=903	33% n=884	36% n=937	33% n=872	34% n=896	32% n=898	33% n=933	29% n=836
JUNGEN	UNTER NIVEAU SOCLE	26% n=577	25% n=596	29% n=752	23% n=607	27% n=690	25% n=638	23% n=631	30% n=820	29% n=812	30% n=844	31% n=843	27% n=747	34% n=1000	26% n=753	33% n=948
	NIVEAU SOCLE	33% n=736	33% n=803	31% n=808	33% n=862	31% n=784	33% n=820	31% n=823	27% n=739	29% n=806	28% n=771	28% n=767	28% n=761	30% n=874	31% n=884	30% n=881
	NIVEAU AVANCÉ	41% n=898	42% n=1027	39% n=1012	43% n=1123	42% n=1051	42% n=1058	46% n=1238	42% n=1147	41% n=1147	42% n=1175	41% n=1099	45% n=1210	36% n=1069	43% n=1233	37% n=1082

Zusätzlich können relevante soziale Einflussgrößen wie Geschlecht, Migrations- oder Sprachhintergrund, sowie der sozioökonomische Status ausgewählt werden. Die Ergebnisse werden grafisch als auch in Tabellenform dargestellt. Ein Glossar erklärt die wichtigsten Begriffe und die Analysen können als pdf exportiert werden.



**Viel Spaß beim
Entdecken!**

Kontakt
Philipp Sonnleitner

Nei Testbatterië fir de multilinguale Kontext zu Lëtzebuerg

LuxLeseTest & LuxMatheTest

Réckbléck LEARN 2024

An der Editioun 2024 vum Newsletter gouf e Projet an Zesummenaarbecht mam CDA iwwer d'Entwécklung vun zwou neien Testbatterien an de Beräicher Liesen a Schreiwen, souwéi Mathematik fir Kanner am Cycle 3.1 virgestallt. Dëse Projet koum opgrond vun der Feststellung vun den Defien am Diagnostik vu Léierstéierungen am multilinguale Kontext vu Lëtzebuerg zustan, déi am Buch „Lernstörungen im multilingualen Kontext“ beschriwwen gi sinn.



No véier Joer intensiver Aarbecht

Den 23. Abrëll 2025 war et dann esou wäit. A Presenz vum Educationnsminister Claude Meisch a S.A.R. dem Prënz Louis sinn de **LuxLeseTest** an de **LuxMatheTest** vun der Uni an dem CDA virgestallt ginn a kënnen zënterhier landeswäit am Diagnostik vu Léierstéierungen agesat ginn. Hei gouf och d'kognitiv Testbatterie FLUX virgestallt (cf. Newsletter Editioun 2025).



Wat zeechent de LuxLeseTest an de LuxMatheTest aus?


De LuxLeseTest an de LuxMatheTest si spezifesch un de multilinguale Kontext vu Lëtzebuerg ugepasst. Dëst ass folgendermoossen ëmgesat ginn:

- D'Contenuë sinn op de nationale Schoulcurriculum, souwéi op d'Schoulbicher ofgestëmmt.
- D'Testsprooch entsprécht der Haptschoulsprooch Däitsch.
- D'Instruktiounen sinn einfach gehalen, gi visuell duerch Biller ënnerstëtzt a kënnen bei Bedarf standardiséiert iwwersat ginn.
- Fir eng méi fair Auswärtung hunn d'Testbatterien Normen no doheem geschwat Sprooch: Lëtzebuergesch/Däitsch, Franséisch, Portugiesesch, aner Sproochen
- Domat kënnen individuell Profiller vun de Stärkten a Schwächten vun de betroune Kanner erstallt ginn, déi eng cibléiert Fërderung erméiglechen.

LuxLeseTest

Luxemburger Testbatterie für Lesen und Schreiben im Zyklus 3.1

De **LuxLeseTest** setzt sech aus enger Rei u kuerzen Aufgaben zesummen, déi eng Aschätzung vun de Lies- a Schreiffäerdegkeete vum Kand erlaben. Zousätzlech dozou bitt d'Testbatterie weider Aufgaben zu de Virleefäerdegkeete vum Liesen a Schreiwien, déi bei Bedarf zousätzlech kënnen duerchgefouert ginn.



De LuxLeseTest gouf mat Donnéeën vu 747 Kanner aus dem ganze Land norméiert.


Well sech déi doheem geschwate Sprooch op d'Lies- a Rechtschreiffleeschunge vum Kand auswierke kann, huet de LuxLeseTest och eng Aufgab zum Liese vun **Nonwieder**. Dat sinn erfonnte Wieder, déi awer déi selwescht Struktur hu wéi däitsch Wieder, z. B. „Teda“. Heimat kënnen d'Liesfäerdegkeete vum Kand ageschat ginn **ouni Afloss vun hierem Niveau am Däitschen**.

Tatsächlech weisen eis Donnéeën en Afloss vun der Sprooch beim Liese vu Wieder. Sou liese Kanner mat lëtzebuergescher oder däitscher Familljesprooch méi Wieder pro Minutt richteg wéi Kanner, déi aner Sproochen doheem schwätzen. Sou Ënnerscheeder goufen net beim Liese vun Nonwieder observéiert.

LuxMatheTest

Luxemburger Testbatterie für Mathematik im Zyklus 3.1

De **LuxMatheTest** setzt sech aus enger Rei u kuerzen Aufgaben zesummen, déi eng Aschätzung vun de Rechen- a basisnumerische Fäerdegkeete vum Kand erlaben. Och dës Testbatterie huet optional Aufgaben, déi zousätzlech bei Bedarf kënnen duerchgefouert ginn, z. B. zu de Fäerdegkeeten am Zielen an am Schätzen.



De LuxMatheTest gouf mat Donnéeën vu 697 Kanner aus dem ganze Land norméiert.

Den allgemenge **sproochlechen Afloss** am LuxMatheTest ass **esou geréng wéi méiglech** gehalten. Sou goufen z. B. keng Sachaufgabe mat opgehall an d'Rechnunge gi visuell presentéiert. Ausserdeem ass eng optional Aufgab zum Verständnis vun der **mathematescher Sprooch** dran, well déi eng besonneg wichteg Roll am Zesammenhang mat de Leeschtungen an der Mathematik am multilinguale Kontext vu Lëtzebuerg spilt (cf. Newsletter Editioun 2025).

Kontakt

Sonja Ugen, Vera Hilger, & Linda Romanovska

LëtZSprooch: Eng nei standardiséiert Testbatterie fir Sproochentwécklungsstéierungen ze identifizéieren.

Eng Sproochentwécklungsstéierung (Developmental Language Disorder: DLD) gëtt diagnostizéiert, wann e Kand unhalend Schwierigkeete am mëndleche Sproochgebrauch an all senger geschwate Sproochen opweist a wa keng méi allgemeng breet Entwécklungsstéierung virläit.

Zu Lëtzebuerg, wou 68,4 % vun de Kanner eng aner Éischtsprooch wéi Lëtzebuergesch hunn, ass et essenziell, den Ënnerschied tëscht enger multilingualer an enger gestéierter Sproochentwécklung ze maachen. Dëss Ënnerscheedung soll dozou féieren, datt Kanner mat enger anerer Éischtsprooch wéi Lëtzebuergesch, déi soss mat DLD iwweridentifizéiert gi sinn a Kanner mat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch, déi soss mat DLD ënneridentifizéiert gi sinn, e gerechten Zougang zu enger entsprecherender Ënnerstëtzung garantéiert kënne kréien.

Wéinst dem Manktem un Testmaterialien, déi d'Lëtzebuergesch Grammär an de Vokabulär a Betruecht zéien, an dem Manktem u Referenznormen, déi op de méisproochegen Kontext zu Lëtzebuerg zougeschnidde sinn, bleiwen deementspreechend eng Rëtsch Erausforderunge bei der Diagnose vun DLD zu Lëtzebuerg bestoend.

Zil vum Projet „LëtZSprooch“ vum LUCET a Kooperatioun mam Centre de Logopédie ass et,

eng nei standardiséiert an norméiert Testbatterie z'entwéckelen, déi op dësen eenzegaartege multilinguale Kontext zu Lëtzebuerg zougeschnidde ass. An engem mëndlechen, leeschtungsorientéierten Test gëtt de Niveau an der Lëtzebuergescher Grammär an am Vokabulär vu Kanner aus dem Cycle 1 erhuewen. Geplangt si sechs Subtester, déi sech mam Vokabulär, wéi och mam Opbau vu Wierder an mat der Sazstruktur an der Lëtzebuergescher Sprooch beschäftegen. En éischte Pretest gëtt ab Januar 2026 duerchgefouert, fir déi nei entwéckelt Testmaterialien op hire Schwierigkeetsgrad an op d'Accessibilitéit fir déi jonk Kanner ze kontrolléieren. Ab Januar 2027 wäert dann den Haapttest duerchgefouert ginn, fir d'Testbatterie ze norméieren an inhaltlech läscht Ännerunge firzehuelen.

Fir eng méi fair Auswäertung hunn d'Testbatterien Normen no doheem geschwate Sprooch: Lëtzebuergesch/Däitsch, Franséisch, Portugiesesch, aner Sproochen

Domat kënnen individuell Profiller vun de Stärkten a Schwächen vun de betraffene Kanner erstellt ginn, déi eng cibléiert Fërderung erméiglechen.



UNIVERSITY OF LUXEMBOURG
Luxembourg Centre for
Educational Testing (LUCET)



Centre de
Logopédie

Vokabulär

Basisvokabulär (rezeptiv)

- Déieren
- Gezei
- Schoulsaachen
- Transportmëttel
- lesswueren
- Basisverben

Morphologie

Pluriel (expressiv)

→ eng *Schmier*, zwou
Schmieren

Genus (expressiv)

→ *en* Hond, *den*
Hond; *eng* Kaz, *d'*Kaz

Kasus (expressiv)

→ ech ginn *menger*
(Dativ) Schwëster *eng*
(Akkusativ) Schmier

Subjekt-Verb- Kongruenz (expressiv)

→ ech lafe*n*, du leefe*s*,
hien leefe*t*

Syntax

Verbzweetstellung (expressiv)

→ ech *iessen* eng
Schmier; ech *hunn*
eng Schmier *giess*

Verbendstellung (expressiv)

→ hien esst eng
Schmier, well hien
Honger *huet*

Kontakt

Sonja Ugen, Anissa Werdel,
& Kenan Starcevic

Welche Sprachen hören und sprechen Erstklässler?

Eine Studie des LUCETs hat sich das Spracherleben von Erstklässlern in Luxemburg genauer angesehen. Hier berichten wir vom ersten Teil der Studie – welche Sprachen nutzen Kinder unterschiedlicher Sprachgruppen in unterschiedlichen Kontexten zuhause?

Warum ist das wichtig?

Gute Sprachkenntnisse sind ein wichtiger Schlüssel zur Alphabetisierung und damit auch für weiteren schulischen Lernerfolg. Spracherwerb wird maßgeblich beeinflusst durch die sprachliche Umgebung und Erfahrungen, die ein Kind macht (Hammer et al., 2014). Dabei ist es wichtig, einerseits gute Sprachvorbilder zu bieten, und andererseits Möglichkeiten für die Kinder zu schaffen, in denen sie selbst kommunizieren können (Hoff, 2006).

Wie haben wir das untersucht?

In den ÉpStan Fragebögen 2023 wurden Erziehungsberechtigten gefragt, mit welchen Sprachen ihre Kinder in unterschiedlichen Kontexten in Kontakt kommen. Schüler sollten angeben, welche Sprache sie am häufigsten mit den Erziehungsberechtigten reden.


Welche Sprachgruppen (HL*) haben wir unterschieden?

HL-LD Gruppe: alle Kinder, die nur Luxemburgisch und/oder Deutsch mit ihren Erziehungsberechtigten reden (etwa 28 % der Schülerschaft in 2023)

HL-LD+Other Gruppe: Kinder, die mit ihren Erziehungsberechtigten zusätzlich eine andere Sprache reden (etwa 27 % der Schülerschaft in 2023)

HL-Other Gruppe: Kinder, die mit ihren Erziehungsberechtigten andere Sprachen, nicht Luxemburgisch/Deutsch reden (etwa 55 % der Schülerschaft in 2023)

*HL=home language group



Anmerkung: Quelle = ÉpStan 2023. N = 5.929 Erstklässler (exklusive Internationale Schulen). Mittelwert bezieht sich auf den Anteil einer Sprachgruppe, der eine Sprache für einen Kontext angekreuzt hat (als Prozent lesbar). De = Deutsch, Lb = Luxemburgisch, Fr = Französisch, Pt = Portugiesisch, En = Englisch, Oth = Andere Sprachen; HL=home language group

Ergebnisse:

- Wie die Abbildung zeigt, kommt es auf den Kontext an, wie sehr sich die Gruppen in ihrem Sprachkontakt unterscheiden.
- Die wenigsten Unterschiede finden sich im **Kontext Freunde**. Alle drei Gruppen berichten überwiegend Luxemburgisch mit Freunden zu sprechen – Luxemburg ist die gemeinsame Sprache, die von etwa 75% in jeder Gruppe mit Freunden gesprochen wird.
- Die **HL-LD** Gruppe berichtet am häufigsten mit Luxemburgisch in Kontakt zu sein (46%–91%). Fast alle Kinder dieser Gruppe kommen in verschiedenen Medien auch mit Deutsch in Kontakt (82%–89%). Mit anderen Sprachen kommt ein kleinerer Teil der HL-LD Gruppe in Kontakt (<25%), abgesehen von Französisch, womit zumindest 28%–29% der Gruppe in Videos, Filmen oder Audiomedien in Kontakt kommt.
- Die **HL-LD+Other** Gruppe zeigt ein ähnliches Muster wie die HL-LD Gruppe. Ein kleinerer Teil der HL-LD+Other Gruppe hat Kontakt zu Luxemburgisch und Deutsch. Die HL-LD+Other Gruppe zeigt größere Ähnlichkeit zu der HL-Other Gruppe, was den Kontakt mit Französisch, Englisch, Portugiesisch und anderen Sprachen angeht. Französisch ist besonders oft in der HL-LD+Other Gruppe vertreten und wird von 45-53% in allen Medientypen, 43 % in der Familie und 48 % unter Freunden genutzt.
- Die **HL-Other** Gruppe berichtet den geringsten Anteil an Kontakt mit Luxemburgisch und Deutsch in der Familie. Stattdessen sind die meisten Kindern dieser Gruppe mit Französisch, Portugiesisch und anderen Sprachen in Kontakt (32-48%). Die Mediennutzung in dieser Gruppe wird angeführt von Französisch (51-53%) und Englisch (38-39%), wobei trotz allem ein bemerkenswerter Anteil an Kindern auch deutsche Medien nutzten (z.B. sehen 34 % der Gruppe deutsche Videos).

Fazit:

Es zeigt sich über alle Gruppen und Kontexte hinweg ein komplexes Bild der Sprachnutzung in Luxemburgs Familien. Trotz dieser Diversität finden sich Gemeinsamkeiten in der Nutzung von Luxemburgisch unter Gleichaltrigen, sowie in der Nutzung von deutschen Medien (reguläre Alphabetisierungssprache), selbst von einem Drittel der Sprachgruppe, die eigentlich kein Luxemburgisch oder Deutsch mit ihren Erziehungsberechtigten spricht.

Referenzen:

Hammer, C. S., Hoff, E., Uchikoshi, Y., Gillanders, C., Castro, D. C., & Sandilos, L. E. (2014). The language and literacy development of young dual language learners: A critical review. *Early Childhood Research Quarterly*, 29(4), 715–733. <https://doi.org/10.1016/j.ecresq.2014.05.008>

Hoff, E. (2006). How social contexts support and shape language development. *Developmental Review*, 26(1), 55–88. <https://doi.org/10.1016/j.dr.2005.11.002>

Kontakt

Lena Maria Kaufmann &
Caroline Hornung

D'Stëmm aus der Praxis

Qualitativ Informatiounen an der Diagnostik: Méi wéi nëmmen Zuelen a Tester

Am diagnostesche Prozess bei Léierstéierungen spillen standardiséiert Tester eng ganz wichteg Roll – duerch déi Tester kenne mir verstoen wéi “grouss” dem/der Schüler*in hier Schwiereregkeeten am Liesen, Schreiwen an/oder Rechnen sinn. Beim standardiséierten Test kréien mir duerno chiffriert Resultater wou de Schüler/d'Schülerin par Rapport zu Altersgläichen an dem jeeweilegen Beräich steet.

Dat aleng geet net duer fir eng Diagnos kennen ze stellen. Den Test hëlleft eis festzestellen, dass d'Schwiereregkeeten do sinn, mee fir de Grond vun de Schwiereregkeeten, den Afloss am Alldag an an der Schoul, den Entwécklungsverlaf asw. ze erfassen, geet een Test net duer.

Héi kënnt d' Wichtegkeet vun de sougenannten qualitativen Donnéeën an d' Spill.


Qualitativ ass alles dat wou mir kee statisteschen Wäert dropsetzen kënnen, wat awer genee sou wichteg ass. Dat si Saachen wéi Observatiounen an der Testsituatioun, oder awer och an der Klass selwer. Wéi leet de/d' Schüler*in sech un fir eng bestëmmten Aufgab ze léisen, ass et eng falsch Strategie déi hien/si benotzt, oder sinn et vill méi grondleeënd Saachen déi schwéier sinn. Des Informatiounen hëllefen eis och Testresultater ze erklären. Weider Observatiounen kënnen sinn wéi geet de de/d' Schüler*in mat de Schwiereregkeeten ëm, gëtt en direkt op, probéiert e weider. Och

d'Ausprobéieren vun bestëmmten Hëllefsmëttel kann eng qualitativ Informatioun sinn – wann ech dem/der Schüler*in eng bestëmmte Strategie un d' Hand ginn, kann hien/si direkt dovun profitéieren an seng/hir Leeschtung steigern, asw.

Och Informatiounen déi een am Kader vu Gespréicher kritt si ganz wichteg, z.B. Wéi war den Entwécklungsverlaf bis elo, wat ass den Afloss vun de Schwiereregkeeten am Alldag: Alles dat si Saachen, déi mir net duerch e standardiséierten Test erfassen mee eben duerch qualitativ Erhiewungen, sief et duerch eng ausféierlech Anamnees, Beobachtungen, duerch Froen stellen, oder och Analyse vun schrëftlechen Produktiounen aus der Schoul, asw.



An eréischt wa mir dat alles zesummebréngen, kënnen mir de Schüler/ d'Schülerin als Ganzt gesinn an och säi/hire Besoin, an déi passend Hëllef an Ënnerstëtzung, vill besser definéieren



Beispill Observatioun an der Testsituatioun:

Wann ech z.B. e/eng Schüler*in hunn deen/déi an engem Rechentest zwar vill Resultater richteg huet, dofir awer immens laang Zäit brauch an villäicht souguer nach all Rechnung mat de Fanger zielt, dann ass dat eng ganz wichteg qualitativ Beobachtung déi mir weist, dass d' Kapprechnen net automatiséiert ass. Den Testwäert vum standardiséierten Test géing mir dës Informatioun net ginn.

Beispill Afloss am Alldag:

ass e/eng Schüler/Schülerin mat Dyskalkulie z.B. beim Émgang mat Geld beanträchtegt (bei Erwuessenen d' Fro wéi ass et mam Geréieren vun den eegenen Finanzen), kann en/si aschätzen fir den Alldag wat Saachen kaschten, wéi ass et mam Bezuelen, Auer lesen, Busplang lesen asw.

Standardiséiert Tester	Qualitativ Donnéeën
Verglach mat enger Klassen- resp. Altersnorm	Eenzel Observatioun
Chiffréiert Resultater	Beschreiwend Beobachtungen
Statistesche Wäert fir d'Diagnos	Kontextualiséierung vun der Leeschtung
Weist wat gekonnt gëtt	Weist wéi et gekonnt gëtt
Leeschtung an enger standardiséierter Situatioun	Afloss op den schouleschen an ausserschouleschen Alldag

Raimlech Fäegkeeten an der Spillschoul hunn en direkte positiven Afloss op Additiounen a Subtraktiounen am éischte Schouljoer


Raimlech a mathematesch Fäegkeeten: Wat ass net gewosst?

Dass raimlech a mathematesch Fäegkeeten enk zesammenhängen, ass scho laang bekannt. Wéi genee dës Lien funktionéiert, ass awer nach net ganz kloer.

1. Hunn raimlech Fäegkeeten en direkten, laangfristegen Afloss op d'Rechekompetenze vu jonke Kanner, onofhängeg vun anere Faktoren, ewéi Intelligenz oder Sproochfäegkeet?

2. Wéi eng Zorte vu raimleche Fäegkeete si wichteg fir wéi eng mathematesch Aufgaben? Zum Beispill, wat hëlleft besser bei Additioun oder Subtraktioun?

Dës Informatiounen si wichteg grad am Ufank vun der Schoulzäit, fir Kanner gezielt ze ënnerstëtzen an eng fréi Fërderung vu mathematesche Kompetenzen z'erméiglechen.



Diese Illustration wurde von ChatGPT erstellt.


Eis longitudinal Etüd – Wat hu mir geléiert?

Mir hunn 148 Kanner vun der Spillschoul (Zyklus 1.2) bis an d'éischt Schouljoer (Zyklus 2.1) begleitet a gekuckt, wéi verschidde Formen vu raimleche Fäegkeeten hir Leeschtunge bei Additiounen a Subtraktiounen beaflossen.

1. D'raimlech Fäegkeeten an der Spillschoul hunn e laangfristegen positiven Afloss op d'Rechekompetenzen am éischten Schouljoer.
2. Dësen Effekt bleift bestoen, och wann aner wichteg Faktoren ewéi Zuelekenntnisser a phonologesch Bewosstheet an der Spillschoul, Alter, Geschlecht a sozioekonomesche Status berécksichtegt ginn.
3. En differenziellen Effekt konnt festgestallt ginn, woubäi mental Rotatioun besonnesch wichteg ass fir d'Leeschtung bei der Additioun, während raimlech Bezéiungen eng méi grouss Roll spille bei der Subtraktioun.

Firwat ass dat wichtig?

- Raimlech Fäegkeeten an der Spillschoul spillen eng wichteg Roll fir d' Entwécklung vu Rechekompetenzen am éischte Schouljoer.
- Eng gezielt a differenzéiert Fërderung duerch d'Integratioun vu verschiddenen raimlechen Übungen an der Spillschoul kéint also d'Rechenkompetenze vun de Kanner op laang Siicht nohalteg stäerken, besonnesch am Beräich vun der Additioun an der Subtraktioun.



Kontakt
Carrie Georges

Schoulescht “Selbstkonzept” an Interessé bei Schüler a Schülerinnen am Cycle 2 a reguläre Schouklasse an am Pilot Projet “ALPHA-zesumme wuessen”

Motivatioun an der Alphabetiséierungssprooch

Dës Grafik weist, dass déi meeschte Schüler a Schülerin ganz motivéiert sinn, fir an hirer **Alphabetiséierungssprooch** (Franséisch fir den ALPHA-Franséisch Grupp an Däitsch fir déi aner véier Gruppen) ze léieren an ze liesen. Den ALPHA-

Franséisch Grupp schénkt nach e bësse méi motivéiert ze sinn, wéi déi aner Gruppen. Dat kann dorunner leien, dass si an enger Sprooch liesen a léieren, déi hierer eegener Familljesprooch méi no läit (N = Unzuel vu Schüler a Schülerinnen).



ALPHA-Franséisch Grupp: Schüler a Schülerinnen déi am Kader vum Pilot Projet op Franséisch alphabetiséiert ginn.

ALPHA-Franséisch Referenzgrupp: Schüler a Schülerinnen aus reguläre Schouklasse déi deenen aus dem ALPHA-Franséisch Grupp an de Familljenhannergrondvariablen statistesch änlech sinn an op Däitsch alphabetiséiert ginn.

ALPHA-Däitsch Grupp: Schüler a Schülerinnen déi am Kader vum Pilot Projet op Däitsch alphabetiséiert ginn.

ALPHA-Däitsch Referenzgrupp: Schüler a Schülerinnen aus reguläre Schouklasse déi deenen aus dem ALPHA-Däitsch Grupp an de Familljenhannergrondvariablen statistesch änlech sinn an op Däitsch alphabetiséiert ginn.

Regulär Kohort: Gesamtkohort vu Schüler a Schülerinnen aus reguläre Schouklasse déi net um Pilot Projet “ALPHA-zesumme wuessen” deelhuefen, an op Däitsch alphabetiséiert ginn.

Wat ass schoulescht “Selbstkonzept”?

Enger Persoun hir Aschätzung a Bewäertung iwwert hir eege schoulesch Leeschtungen a Fäegkeeten, wéi an der Mathé oder an de Sproochen, z.B. “Ech si gutt am Däitschen”. D'Selbstkonzept beaflosst d'Léiermotivatioun an d'Entwécklung vum Léieren an der Schoul. D'Léiermotivatioun an de

schouleschen Interessivum SchüleraSchülerinnen hänke positiv mat hire Schoulleeschtungen zesummen (Köller et al. 2001).

Wéinst dem positiven **Zesammenhang tëscht “Selbstkonzept”, Motivatioun a Leeschtung an der Schoul**, kucke mir eis d'Selbstkonzept an d'Motivation bei SchüleraSchülerinnen am Ufank vun hirer Alphabetiséierung un, an de reguläre Schouklassen an am Pilot Projet “ALPHA-zesumme wuessen” wou d'Erzéiungsberechtigt wile kënnen op hirt Kand op Däitsch oder op Franséisch alphabetiséiert gëtt.




Foto von Annie Spratt auf Unsplash

An enger längsschnëttlecher Etüd aus dem Ausland konnt gewise ginn, dass virun allem d'intrinsesch Liesmotivatioun (z.B. Ech liese gären) positiv mam Liesverstoën an de Leeschtungen am Liesen am 3. Schouljoer zesummenhängt (Schiefele et al. 2016).

Mir begleeten d'Schüler an d'Schülerinnen aus deene verschiddenen Gruppen iwwert déi nächst Joren och weiderhin, fir ze ënnersiche wéi hir schoulesch Motivatioun an hir Leeschtungen am Liesverstoën sech weider entwéckelen. Mir erwaarden eis, dass eng héich schoulesch Motivatioun och fir d'Schoulleeschtung wäert ausschlaggebend sinn.

Rapport, Referenzen an Kontakt

Weider Detailer zu de verschiddenen Gruppen an der Evaluatioun vum Pilot Projet “ALPHA – zesumme wuessen” fannt Dir am 2025 Rapport: Colling, J., Hornung, C., Esch, P., Hellwig, A.-L., & Ugen, S. (2025). Literacy Acquisition in German or French in the Pilot Project “zesumme wuessen” – Intermediary ÉpStan Report on Student Characteristics, Achievement, Motivation, and Parental Support. Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET).

Schiefele, U., Stutz, F. & Schaffner, E. (2016). Longitudinal relations between reading motivation and reading comprehension in the early elementary grades. *Learning and Individual Differences*, 51, 49-58.

Köller, O., Baumert, J., & Schnabel, K. (2001). Does interest matter? The relationship between academic interest and achievement in mathematics. *Journal for Research in Mathematics Education*, 32(5), 448-470



Kontakt
Caroline Hornung &
Joanne Colling

Warum erhalten Mädchen bessere Schulnoten als Jungen?

Geschlechtsunterschiede und Schulnoten

- Geschlechtsunterschiede und geschlechtsspezifische Benachteiligungen finden aufgrund ihrer gesellschaftlichen Relevanz viel Beachtung – auch in Schulen. So zeigt sich seit Jahrzehnten, dass Mädchen im Durchschnitt bessere Noten erhalten als Jungen. Der Effekt ist nicht sehr groß, aber praktisch bedeutsam und er tritt konsistent über verschiedene Fächer, Altersklassen und Länder hinweg auf (Voyer & Voyer, 2014).
- Dieser Notenvorteil der Mädchen findet sich auch bei luxemburgischen 9. KlässlerInnen wieder (Grund et al., 2024).
- Der Befund wirft die Frage auf, warum Mädchen in der Schule besser abschneiden, insbesondere da bei standardisierten Leistungstests wie den **Épreuves Standardisées** kein bereichsübergreifender Vorteil der Mädchen zu finden ist.

Mögliche Ursachen

- Eine gängige Erklärung für diese Geschlechtsunterschiede ist, dass Mädchen sich gewissenhafter auf die Schule vorbereiten (z.B. indem sie regelmäßiger Hausaufgaben machen). Denn solche **non-cognitive skills** werden als wichtige Lern-Voraussetzung angesehen.
- Allerdings gibt es auch Hinweise darauf, dass das **System Schule** angepasstes Verhalten unabhängig vom tatsächlichen Kompetenzerwerb belohnt. So fällt der Notenvorteil der Mädchen beispielsweise deutlich geringer aus, wenn die Leistungen der SchülerInnen anonym bewertet werden (Lavy, 2008).

Fazit

Der Notenvorteil der Mädchen ist ein Befund, der zu spannenden Diskussionen anregt, da er fundamentale Fragen der Fairness und der Organisation von Schule betrifft. Zu diskutieren wäre etwa, inwiefern es gerechtfertigt ist, dass Fachnoten mehr abbilden als das Können der SchülerInnen und inwiefern good student behavior Lernen tatsächlich fördert, oder lediglich zu einer selbsterfüllenden Prophezeiung im Schulsystem beiträgt. Darüber hinaus stellt sich die Frage, inwieweit sich die sozialisierten schulisch-funktionalen Verhaltensweisen der Mädchen nach der Schulzeit zu einem Nachteil verkehren könnten.



Diese Illustration wurde von ChatGPT erstellt.

Weiterführende Literatur

Grund, A., Braun, C., Emslander, V., Krämer, C., Pit-ten Cate, I., Rivas, S., & Ugen, S. (2024). *Why girls should be less compliant, and boys deserve better grades: The diligence fallacy in education (and self-regulation research)* [Poster presentation]. Symposium on Integrative Perspectives on Conflict and Control, Tübingen, Germany.

Lavy, V. (2008). Do gender stereotypes reduce girls' or boys' human capital outcomes? Evidence from a natural experiment. *Journal of Public Economics*, 92, 2083–2105. <https://doi.org/10.1016/j.jpubeco.2008.02.009>

Voyer, D., & Voyer, S. D. (2014). Gender differences in scholastic achievement: A meta-analysis. *Psychological Bulletin*, 140, 1174–1204. <https://doi.org/10.1037/a0036620>

Kontakt
Axel Grund

Écoles publiques européennes : l'offre linguistique flexible porte ses premiers fruits

Le dernier rapport du **LUCET** (Luxembourg Centre for Educational Testing) de l'Université du Luxembourg fournit les premières données longitudinales sur les Écoles publiques européennes (EPS) au Luxembourg. Ces résultats indiquent que la **flexibilité linguistique** offerte par les EPS — permettant aux élèves de choisir leur langue principale d'enseignement (allemand, français ou anglais) — favorise les apprentissages de nombreux élèves et **pourrait aider à réduire certaines inégalités persistantes** du système éducatif luxembourgeois. Toutefois, ces conclusions doivent être interprétées avec prudence en raison de la forte diversité sociale entre les écoles.

Créées il y a près de dix ans pour mieux répondre à la diversité scolaire et aux inégalités socioéconomiques, les compétences des élèves de l'EPS sont évaluées depuis 2022 par le LUCET. Leur intégration progressive dans les **Épreuves standardisées (ÉpStan)** permet désormais de disposer de données plus complètes pour analyser si l'offre linguistique flexible contribue à la réduction des inégalités dans le système éducatif luxembourgeois.




Le rapport complet présente les résultats de manière détaillée.
Ici vous pouvez télécharger le rapport



MÉMORISER L'ORDRE: UNE AFFAIRE D'ESPACE?

Imaginez que vous voulez faire un gâteau...

Pour réussir la recette, il ne suffit pas de connaître **les ingrédients**: il faut aussi savoir **l'ordre** dans lequel ils doivent être ajoutés.



Lorsque nous devons mémoriser une séquence (comme les ingrédients de cette recette), notre cerveau associe **chaque élément à une position précise sur une ligne mentale**.

Cette façon d'utiliser l'espace pour organiser l'information en mémoire dépend de la direction de la lecture dans la culture dans laquelle on vit. Par exemple, chez les adultes de notre culture, qui lisent de gauche à droite, l'information est généralement mémorisée selon cette direction.

Ce phénomène est appelé :
Effet de Position Ordinale (OPE)

Et chez les enfants?



Notre recherche

148 enfants ont été testés à la fin du Cycle 1.2 et puis un an plus tard à la fin du Cycle 2.1.

Nos résultats ont montré qu'à ce jeune âge, les enfants **n'utilisent pas encore spontanément l'espace pour organiser l'information ordinale en mémoire**.

Kontakt

Tânia Ramos, Carrie Georges
& Christine Schiltz

Eng nei Plattform fir Erwuessener déi vun Dylsexie betraff sinn a sech wëllen austauschen.



FONDATION
HENRI - MARIA TERESA

AVEC LE SOUTIEN DE
S.A.R. LE PRINCE LOUIS

APPEL À PARTICIPANTS

FORUM D'ÉCHANGE DYSLEXIE ADULTES
LUNDI 2 MARS 2026 19H-21H



Un temps d'échange pour
les adultes dyslexiques
avec ou sans diagnostic.

GRATUIT ET OUVERT À
TOUS SUR INSCRIPTION

POUR PARTICIPER
À CET ÉVÉNEMENT,
SCANNEZ LE QR CODE



Une initiative de la Fondation Henri-Maria Teresa,
en collaboration avec le SCAP, le Centre pour le développement des
apprentissages Grande-Duchesse Maria Teresa et l'Université du Luxembourg

Léif Lieserinnen a Lieser,

Mir presentéieren Iech déi 14. Ausgab vum LEARN Newsletter 2026.

An dëser Editioun ginn erëm nei Fuerschungsergebnisser zu eise Projeten am Beräich Léieren, Mathematik a Sprooch virgestallt.

Mir stellen Iech zwou nei Testbatterieë vir, fir de multilinguale Kontext zu Lëtzebuerg, déi den Diagnostik vu Léierschwieregkeeten an de Beräicher Liesen a Schreiwen an der Mathematik am Cycle 3.1 erméiglechen. Ons Stëmm aus der Praxis erkläert wéi wichteg och qualitativ Informatiounen fir den Diagnostik vu Léierschwieregkeeten sinn. Am Beräich vun der Mathematik bei jonke Kanner weisen mer, dass Kanner de Raum nach net spontan benotzen fir d'Reiefolleg vun Informatiounen ze verhalen an, dass raimlech Fäegkeeten am Cycle 1 en direkte positiven Afloss op Additiounen a Subtraktiounen am Cycle 2.1 hunn. Mir kucken eis u wéi eng Sproochen Kanner doheem a verschiddene Kontexter benotzen a wéi hir Familljesproochen dës beaflossen. Mir kucken eis d'Schoulmotivatioun vu Kanner un um Ufank vun der Alphabetiséierung. A mir stellen Iech den ÉpStan Dashboard vir, eng interaktiv Websäit déi et erméiglecht d'Resultater vun den ÉpStan aus de leschte Joer méi genee unzekucken.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liesen !

Är LEARN Ekip



DBCS (Department of Behavioural and Cognitive Sciences) ass e Fuerschungsdepartement a LUCET ass e Fuerschungszentrum op der Universitéit Lëtzebuerg. Si hu leider kee Service fir eng Prise en Charge vu Léierschwieregkeeten kënnen unzebidden. Wann Dir am Kader vun enger Léierschwieregkeet no Hëllef sicht, kontaktéiert w.e.g. ee vun de Servicer, déi um Terrain schaffen an eng Prise en Charge ubidden, zum Beispill de Centre pour le développement des apprentissages GrandeDuchesse Maria Teresa (CDA). Wann Dir ären Service wëllt virstellen, interesséiert sidd mat eis ze schaffen, oder weider Froen hutt, kënnt Dir Iech gärre bei eis mellen.

Mir soen dem Fonds National de la Recherche, dem Éducatiounsministère an der Universitéit Lëtzebuerg Merci, dass si ons Fuerschung finanziell ënnerstëtzen. E grouse Merci och u jiddwereen dee gehollef huet dës Ausgab vum LEARN ze erméiglechen.



**learning expertise and
research network**

learn.uni.lu

Do fannt Dir eis
Aktivitéiten an och
eis Newsletteren.



IMPRESSUM

Titel Learn (Lëtzebuerg) | ISSN 2535-8901

Ënnertitel Editioun 2026 | Editeur LEARN

LEARN: Carrie Georges, Caroline Hornung,
Christine Schiltz, Philipp Sonnleitner, Sonja Ugen,
Véronique Cornu

LAYOUT: The Funky Monkey, Lintgen
www.thefunkymonkey.agency

BILLER: LEARN



UNIVERSITY OF LUXEMBOURG
Department of Behavioural
and Cognitive Sciences

LUCET

LUXEMBOURG CENTRE
FOR EDUCATIONAL TESTING